**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Aktuell sinn 18.166 Leit op der Sich no enger Aarbecht bei der ADEM ageschriwwen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Aarbechtsminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill vun deene Leit, déi aktuell bei der ADEM ageschriwwe sinn, hunn hire Wunnsëtz, ausgedréckt an absolutten Zuelen, zu Lëtzebuerg? Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, ob wéi eng Länner déi Leit sech verdeelen, déi net hei wunnen?
2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Opdeelung vun de Cliente vun der ADEM no Staatszougehéieregkeet regruppéiert an dobäi och eventuell Duebelnationalitéite präziséieren?
3) An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5608 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen aus der Legislaturperiod 2018-2023 huet Äre Virgänger geäntwert, datt nom deemolege Stand 682 Leit bei der ADEM ageschriwwe waren, déi weder eng vun eisen dräi Amtssproochen, nach Englesch beherrschen. Wéi huet déi Zuel sech säitdeem entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten